LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an dem Inneminister op d'parlamentaresch Fro n°3047 vum 16. Oktober 2025 vum éierewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "Accidents de la route avec gibier"**

1. **Wéi vill Zesummestéiss goufen et an deene vergaangene 5 Joer, opgeläscht no Mount, tëschent Wëlldéieren a Stroossegefierer?**

Op d'parlamentaresch Fro n°5921 aus dem Joer 2022 huet den deemolegen Transportminister Zuelen zu Accidenter geliwwert, bei deene Mënschen zu Schued komm waren.

Et leie keng Zuelen fir déi d'Gesamtzuel vun Accidenter tëschent Wëlldéieren a Stroossegefierer erëmginn.

2. **Wéi vill goufen der Police gemellt a wéi vill goufe bei Assurancë gemellt?**

D'Police hat an de vergaangene fënnef Joer follgend Zuele vun Interventiounen am Kontext vun Zesummestéiss tëschent Wëlldéieren a Stroossegefierer:

| Joer | Total |
|---|---|
| 2025 (Stand 27.10.2025) | 1.134 |
| 2024 | 1.519 |
| 2023 | 1.689 |
| 2022 | 1.532 |
| 2021 | 1.494 |

Dës Zuele representéieren net d'Gesamtzuel vun Accidenter, well d'Police just informéiert gëtt wa Problemer mam Trafic entstinn.

Lëtzebuerg, den 18. November 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit